



gueur vun der Direktiv prett sinn, fir datt déi nei Beruffer bei eis am Land sech etabléiere kënnen.

Esou gesäit de Projet vir, éischstens, fir an enger eenzeger Partie vum Gesetz all bestehend Dispositionen, déi déi verschidde Professionne vum Assurancësektor regelen, ze regroupéieren. Zweetens: Nei Professionnen ze schafen, déi der Surveillance prudentielle vum Commissariat aux Assurances an der Vertrauenspflicht ënnerworfen sinn. Drëttens: Eng Vereinfachung, fir datt d'Assurance- an d'Reassurancengesellschaft verschidde vun hiren Aktivitéite kënnen sous-traitéieren, fir dat ze erméiglechen. A véiertens: D'Dispositionen iwwert d'Intermédiaires am Beräich vun den Assurancen a vun de Reassurancen ze adaptéieren an ze compléitéieren.

D'Gesetz wëllt des Weideren eng kloer Differenz zéien tëschent engersäits de Persounen, déi d'Direktioun vun enger Versécherungsgesellschaft assuréieren, also de physische Persounen, déi perséinlech responsabel vis-à-vis vun der Gesellschaft sinn, an anerersäits de Professionnels du secteur des assurances, PSA genannt, déi eng Prestation de gestion ubidden, an der Haaptsaach Gesellschaften mat der néideger finanzieller Assise, fir d'Weiderbestoe vun dem Service och ze assuréieren.

De Projet lehnt sech ganz staark un d'Gesetz iwwert d'Professionnels du secteur financier un. A well an deem Sektour ganz weéng physisch Persounen bis elo en Agrément ugefrot hunn, war am ursprüngelechen Projet virgesinn, fir de Beruff vum PSA, vum Professionnel du secteur des assurances, de Gesellschaften ze reservéieren, déi eng Assise financière vun 125.000 Euro nowise kënnen. Opgrond vun enger formeller Opposition vum Statsrot, deen d'Violatioun vum Prinzip vun der Gläichstellung vum Gesetz invoquéiert huet, huet d'Kommissioun decidéiert, fir eng Rei vu Beruffer vun de Professionnels du secteur des assurances och fir physisch Persounen opzemaachen.

De Projet gesäit och vir, datt esou wéi d'Gestionnaire vu Pensiounsfongen an de Professionnels du secteur financier och déi Professionnels vum Assurancësektor an d'Courtieren an Zukunft eng zolidd Assise financière mussen hunn, déi bei Gesellschaften op minimum 125.000 Euro a bei physische Persounen op minimum 50.000 Euro fixéiert gouf. Och ass virgesinn, datt se sech engem seriösen externe Contrôle vun engem Réviseur d'entreprises agréé a gegebenenfalls vun engem Expert comptable agréé ënnerwerfe mussen.

Fir den neie Start-up keng grouss finanziell Bealaaschtung bei hiner Grënnung opzëerleën, gesäit d'Gesetz vir, datt d'Kapital um Ufank mat respektiv 50.000 Euro fir d'Gesellschaften a 25.000 Euro fir physisch Persounen libéréiert muss sinn, fir no fénnef Joer dann op den Niveau vun der verlangter Assise, datt heescht 125.000 Euro a 50.000 Euro ze kommen. Och fir bestehend Gesellschaften sinn an deem Sënn lwwergangsbestëmmunge virgesinn.

D'Kopplung vum Agrément u streng finanziell a reporting Konditione, besonnesch fir d'Courtieren, goufe staark kritiséiert, an dat virun allem vun der Associatioun vun de Courtieren. D'Kommissioun war awer der Meenung, datt dës Moosnamen dozou dëngen sollen, ze évitéieren, datt fragil Strukturen ouni genügend Eegekaptal sech bei eis géifen etabléieren, déi bei enger Défaillance en negativen Impakt op d'Réputatioun vun der gesamter Finanzplaz kéinten hunn.

Wéi schonns gesot, gesäit de Projet d'Schafe vun neie Beruffer am Beräich vun de Prestations de service, wat besonnesch d'Gouvernance vun Assurancen- a Reassurancengesellschaften ugeet. Et bestinn am Moment eng Rei vu klengen a mëttleren Assurancebetreiber, déi aus eegene Mëttelen den neie Fuerderungen, wat déi aktuell a statistesch Berechnungen oder d'Gouvernance betreffen, net méi nokomme kënnen. D'Kreatioun vu spezialiséierte Professionnels du secteur des assurances, déi der Surveillance prudentielle vun dem Commissariat aux Assurances an dem Secret professionnel ënnerleien, erlaabt deene klengen a mëttlere Versécherungsbetreiber, an Zukunft dës Funktiounen un déi nei geschafe Professionnels du secteur des assurances ze externaliséieren.

Dat wat déi wichteg Ännerungen ubelaangt, déi de Projet virgesäit. Fir méi Detailler verweisen ech och op mäi schrëftleche Rapport.

D'Chambre de Commerce, de Konsumentenschutz an den Institut des réviseurs d'entreprises hunn en Avis zum Projet ofginn. De Statsrot huet eng Rei vu formellen Oppositionen zum Projet gemaach, besonnesch wat d'Reglement-

tation vu verschiddenen Dispositionen iwwer e Règlement vum Commissariat aux Assurances ubelaangt.

D'Kommissioun huet dem Statsrot senge Remarque wäitestgehend Rechnung gedroen an eng Rei vun zousätzlechen Amendementen virgeschloen, déi vun der héijer Korporatioun an hirem Avis complémentaire guttgeheescht goufen. D'Kommissioun huet mäi Rapport unanime ugehall a schléit dem Plenum vir, den Text esou ze stëmmen, wéi en hei virläit. An ech bréngen domadder den Accord vun eiser Fraktioun a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. D'Wuert kritt den Här Etgen.

#### Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dem Rapporteur, dem Kolleeg Norbert Hauptert ausdrécklech fir säi prezisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport zu dësem dach ganz technesche Gesetz ze félicitéieren an him häerzlech Merci ze soen.

Den Assurancësektor ass en äusserst dynamesche Sektour zu Lëtzebuerg, mat enger grousser Panoplie vu Produkter, mat enger kompletter Offer vun deene verschiddenste Versécherungen, déi an dëse Beräich falen. Et ass duerfir och e wichtige Piler vun eiser Ekonomie an och e wichtige Piler um Aarbechtsmaart.

Den Assurancësektor ass relativ gutt duerch d'Kris komm, ënner anerem, well mer ee virsiichteg Regelwierk hunn. Elo gëllt et, de Régime Solvabilité II zu Lëtzebuerg ëmzesetzen, wat gréisser Défi mat sech bréngt. Dat heitegt Gesetz ass e wichtige Schrëtt, fir den Assurancësektor an engem kohärenten, besser liesbare Gesetz ze regelen.

De Métier vum Assureur ass e spezialiséierte Métier, dee vum Spezialist soll gemaach ginn. Et soll keng Konkurrenz mat de Professionnels vum Sektour financier ginn. Kee Métier, deen a finanziell Dëngschtleeschungen eragräift, darf laanscht d'Regle vu Regulatioun kommen. Hei gëtt d'Tendenz vu Sécherheet suivéiert, ee Grondgedanken aus dem Versécherungswesen. Et ass besser, eng Versécherung ze hunn a se net ze gebrauchen, wéi eng Versécherung ze brauchen a se net ze hunn. D'Versécherung vun der Onsécherheet ass Sécherheet.

De Rapporteur ass méi genee op d'Objektiver agaangen.

Här President, vill Kritik gouf et awer vun de Courtiere fir dëst Gesetz, déi sech extra fir d'Défense vun hiren Doléances an der Association professionnelle des courtiers en assurances du Luxembourg, der APCAL, zsummegegoen hunn. Haaptkritikpunkt: engersäits ze vill héich Frais fir d'Courtieren duerch d'Verlaange vun engem héije Montant vun Eegekaptal, an anerersäits Chargen duerch eng Rei administrativ Obligatiounen, wéi e järelechen Audit. Awer och, déi lëtzebuergesch Courtiere wieren enger méi strenger Regelung ënnerworfen ginn, wéi déi auslännesch.

Als Demokratesch Partei hu mir dës Kritik gedeelt, well onnëtz Fraise an Chargen den Unternehmergescht futti maachen. Ze vill héich Fraise hunn eng Répercussiou op de Präis vum Produit, ouni datt d'Qualitéit vum Service an d'Luucht geet, ouni zousätzlech Garantie fir de Konsument. D'Courtieren riskéieren, net méi konkurrenzfähig par rapport zu hiren auslännesche Kolleegen ze sinn. Et gëtt gefaart, eng Rei Courtiere missten de Schlëssel ënnert den Teppechen leeën.

D'Chamberskommissioun huet dëse Kritiken zum Deel Rechnung gedroen. Esou gouf de Montant vum gefuerderten Eegekaptal substanzial erofgesat. De Rapporteur huet déi respektiv Montanten am Detail erkläert. Och gouf am Rapport preziséiert, datt den Audit annuel sech nëmmen op d'Finanzkonte bezitt an net op d'Strukturen. Weider gouf preziséiert, datt den Amortissement vun den Investitiounsgiddern keng nei finanziell Sprëtzt erfuerdert.

Trotz dëse Verbesserung bleiwen eng Rei Inconnuë bestoen. Et ass ee Projet, dee schlecht preparéiert war, wat och aus deene verschiddenen Avisen, den Avisa vun der Chambre de Commerce, der ULC an dem Statsrot ervirgaangen ass. Negativ Konsequenze wäerten net ausbleiwen.

Als Demokratesch Partei si mir eis awer bewosst, datt mer responsabel reguléiere mussen, an duerfir wëlle mer net géint dëst Gesetz stëmmen, mä mir wäerten eis beim Vote enthalen.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Et ass soss keen anere Riedner mäi agedroen. Da kritt d'Wuert elo den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, ech géif gär och dem Rapporteur, dem Här Hauptert, Merci soe fir seng Erklärungen, och fir déi zousätzlech Remarquen, déi hei gemaach gi sinn.

Dee Projet hei ass eng gutt Illustratioun vun deem, wat ech virdrun a menger Ried gesot hunn. Et geet also drëm, déi eenzel Piliere vun der Finanzplaz ze stäerken, auszebauen, an ech mengen, datt dëse Projet engem vun deene fënnef Piliere, nämlech dem Assurancëpiliere, ganz genee gerecht gëtt.

Ech begrëssen, datt de Sektour vun de Courtiere sech zsummegegoen huet, datt d'APCAL gegrënnt ginn ass. Ech hunn déi och empfaangen. Déi si mat deem Projet wäit aus mannekritesch, wéi datt vläicht elo den Här Etgen hei reflétéiert huet, well se genau gesinn déi Ofweigung a well se och an hirem Sektour ganz ënnerschiddlech Intérëten hunn, mä datt generell de Souci besteet, fir datt mer Secteuren hu generell op der Finanzplaz, also och am Assurancësektor, déi enger Rei vu Konditiounen gerecht ginn, fir datt och deen, dee mat hinnen ze doen huet, ka vertrauensvoll mat hinnen zsummeschaffen.

Do gëllt et dann ëmmer, eng Ofweigung ze maaachen, wéi wäit ee geet, mä generell geet dee Projet hei an déi richteg Richtung. Deen ass d'Resultat vu ville Konsultatiounen an ass also ganz seriö wéi och aner Projekte preparéiert ginn, well en Deel ass vun enger Zukunftsstrategie fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg.

An da gëllt dat, wat ech an all deene Jore gemaach hunn, och virdrun a menger Ried gesot hunn: Eng vun de Stärkte vu Lëtzebuerg ass, datt mer, wa mer légiféieren, mat dem Privatsektor schwätzen, mat deenen, déi d'Gesetzter mussen uwenden. Duerfir hunn ech den Haut Comité pour la place financière op d'Bee gesat, an deem och den Assurancësektor vertrueden ass. Duerfir bleiwe mer am Kontakt mat deenen Organisatiounen.

Ech mengen, et ass also e Projet, deen an déi richteg Richtung geet, an duerfir sinn ech frou, datt hei schéngt kee géint dee Projet ze stëmmen, an ech soen dofir Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

Merci!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Finanzminister Merci.

D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6398 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6398 ass ugehall mat 48 Joestëmmen, géint 10 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert et Serge Wilmes;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par Mme Josée Lorsché), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

*Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*M. Jean Colombara.*

Ech ginn net dovun aus, datt nach ee wëllt seng Enthaltung begrënnen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6487 iwwert d'Schafung vun der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Fayot, Gira a Kartheiser. D'Wuert huet elo

de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. 6487 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques en vue de la création de l'établissement public «Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel» et modifiant

##### 1) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État et

##### 2) la loi du 20 avril 2009 relative à l'accès aux représentations cinématographiques publiques

#### Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Média, des Communications et de l'Espace

► **M. Serge Wilmes (CSV), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun engem gudden Joer, de 15. Mee 2012, do hate mer heibannen eng Aktualitéitsstonn iwwert de Conseil national des Programmes a gläichzäiteg och iwwert d'Zukunft vun der lwwerwaachung vun de Medien hei zu Lëtzebuerg. An um Enn vun där Debat, do huet de Minister vun de Medien, deemools nach de François Biltgen, annoncéiert, datt hien esou séier wéi méiglech e Gesetzesprojet géif op den Instanzewee bréngen, fir eng eenzeg grouss a politesch onofhängeg lwwerwaachungsautoritéit ze schafen, déi an engem och déi néideg mënschlech, finanziell a strukturell Mëttele géif kréien.

Gesot, gemaach, well de Minister Biltgen huet de 15. Oktober 2012 dee Projet effektiv hei an der Chamber eraginn. Vum Dezember d'lescht Joer u bis dann de Juli dëst Joer huet d'Medienkommissioun dunn an enge sëllege Réunionen un dësem Gesetzesprojet geschafft. An ech wëll op dëser Plaz och jiddwerengem vu menge Kolleegen aus der Kommissioun, der Sekretärin vun der Kommissioun, de Beamte vum Medienministère an och dem fréieren Medienminister villmools Merci soe fir déi interessant Diskussioun an déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Merci!

Wat ass dann elo bei deenen Aarbechten hei erauskomm? Majo e Gesetzesprojet, dee virun allem zwee Haaptziler huet.

Éischstens, d'lwwerwaachung vum Mediesektor nei organiséieren, andeems déi dräi Instanzen, déi bis elo dofir responsabel waren, an enger neier grousser an onofhängeger Autoritéit zentraliséiert ginn: der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel, kuerz ALIA.

An zweetens, dëser neier Autoritéit och d'Mëttele ginn, fir kënnen hir Missiounen effikass ze erfëllen, andeems virun allem e System vu graduelle Strofen agefouert gëtt, oder, wéi de Conseil national des Programmes gesot huet, datt deen Tiger endlech Zänn kritt.

Dat geschitt also elo. An domat gëtt och dëse Gesetzesprojet zu engem weidere Kapitel an enger schonn zolitter Geschicht vun dem Mediesite Lëtzebuerg a speziell vun der lwwerwaachung vun dem Mediesektor heiheim.

Déi éischt lwwerwaachungsautoritéiten, déi ginn et schonn zënter 1991, wéi d'Chamber déi europäesch Direktiv «Télévision sans frontières» ëmgesat huet. An doduerch ass de Mediesektor och liberaliséiert ginn. A fir ze kontrolléieren, datt dat, wat d'Medie soen a weisen, net géint d'Gesetz verstéisst, sinn deemools dräi lwwerwaachungsinstanzen geschafeginn. An zwar:

- d'Commission indépendante de la Radiodiffusion, kuerz CIR, déi d'Aufgab huet, fir de Contenu vun de Radioen a émetteur de faible puissance ze iwwerwaachen, also virun allem d'lokal Radiostatiounen;

- dann déi zweeten Instanz: de Conseil national des Programmes, deen d'Aufgab hat, fir de Contenu vun deene Medien ze iwwerwaachen, déi e linéaire Service oder ee Service à la demande ubidden, a fir déi Lëtzebuerg kompetent ass. Also d'Televisiounschainen, Video on demand um Internet, oder esou wéi d'Radioen a émetteur de haute puissance, also déi national Radiostatiounen;

- an dann deen drëtten Service, dee geschafeg war deemools, ass de Service des médias, vum Medienministère, dee bei de Medien, déi e Service à la demande oder e Service linéaire ubidden, also nees den Televisiounschainen a Video on demand um Internet, kuckt, datt d'Reklammen, déi do gewise ginn, och d'Gesetz respektéieren.

Dës lwwerwaachungsstruktur vum Mediesektor ass an der Vergaangenheet scho méi wéi eng Keier vun der Regierung versicht ginn ze reforméieren, virun allem well Lëtzebuerg als Land, vu wou aus eng Hällewull vu Program-





mer aus Europa an d'Welt ausgestrahlt ginn, d'Obligatioun huet, fir eng effikass Iwwerwaachung vun all deene Programmer ze garantéieren, andeems enner anerem bei Verstéiss géint d'Gesetzer och Strofe kënne geholl ginn.

De Conseil national des Programmes huet dëst ëmmer nees op Basis vu sengen Erfahrungsgefuert. An 2008 huet d'Regierung dunn e Gesetzesprojekt déposéiert, fir eng Reform vun der Iwwerwaachung ze maachen. De Statsrot huet deemools awer eng ganz Rei Opposition-formellë gemaach. An d'Regierung huet dee Projet dunn zrëckgezunn, fir nach eemol mat alle concernéierten Acteuren ze diskutéieren. Dat ass an de Joren dono och geschitt. An dofir läit elo en neie Gesetzesprojekt um Dësch.

Wat sinn déi wichtegst Reforme vun dësem Projet, deen dëse Projet hei wäert maachen? Fir d'Éischt emol - an ech hunn et jo scho gesot - gëtt et an Zukunft just nach eng eenzeg Autoritéit, déi d'Iwwerwaachung mécht, an net méi der dräi, an zwar ass dat dann d'ALIA. Dës nei Autoritéit kann dann och elo Strofe ginn, wa géint d'Gesetz verstouss gëtt. An déi Strofen, déi gi vum Blâme iwwer eng Amende bis bei de Retrait vun enger Permissioun/Concessioun.

D'ALIA kritt dann de Statut vun engem Établissement public administratif a wäert aus dräi Organer bestoen: de Conseil d'administration, deen d'Décisiounen hält an och d'Strofe wäert ginn; den Direkter, deen d'Dossiere fir de Conseil virbereet, deen d'Administratioun an d'Personal gëriert; an d'Assemblée consultative, déi hir Meenung wäert soe bei eventuelle Verstéiss géint d'Gesetz.

Eng weider Missioun vun der ALIA gëtt de Retrait vun enger Concessioun respektiv d'Permissioun fir eng Televisiounschäine. An dat gëtt och an Zukunft... neen, dat gëtt an Zukunft - entschëllegt - vun der Regierung weider gemaach. D'ALIA wäert awer kënne doriwwer eraus d'Permissiounen an d'Lizenz vun all deenen anere Servicer zrëckzéien, falls déi géife géint d'Gesetz verstoussen.

Da kritt d'ALIA nach weider dräi nei Missiounen derbäi, déi aus der europäescher Direktiv vum 10. Mäerz 2010 kommen: éischters, d'Missioun, fir d'Medien ze ënnerstëtzen, datt Persounen, déi net gutt héieren oder gesinn, och kënne Télee a Radio benotzen; zweetens, d'Missioun, fir d'Medien ze ënnerstëtzen, datt wa se an hire Kannerprogrammer Reklamme maachen, datt se do derfir suergen, datt och de Message vun enger gesonder an équilibréierter Ernährung vermëttelt gëtt; an d'Missioun, derfir ze suergen, datt europäesch Filmer a Musek ënnerstëtzt ginn.

D'ALIA kritt dann och d'Missioun, fir de Klassement vun de Filmer ze kontrolléieren, an derfir ze suergen, datt deen dann och veröffentlecht gëtt, dee Klassement.

An zu gudder Lescht wäert d'ALIA da vun enger Dotation annuelle aus dem Statsbudget aus finanziert ginn. Mä d'Autoritéit kritt awer och d'Méiglechkeet, fir deen Deel vu senger Käschen, deen net mat der staatlecher Dotation gedeckt gëtt, duerch Taxen ze decken, déi da vun de Medie musse bezuelt ginn, déi ënnert déi gesetzlech Iwwerwaachung falen.

Dëst sinn also déi wichtegst Punkte vun dësem Gesetzesprojekt. An eng Rei Instanzen hunn och en Avis zu der Schafung vun der neier Iwwerwaachungsautoritéit geschriwwen. Ganz detailléiert a kritesch Avise krute mer vun dem Conseil national des Programmes a vun der Commission indépendante de la Radiodiffusion, déi jo direkt och vum Projet concernéiert sinn. An dës Avise sinn och praktesch komplett an deem schréffleche Rapport iwwerholl gi respektiv och zum Deel an de Gesetzesprojekt mat agebaut ginn.

Dann huet natierlech och de Statsrot nach säin Avis dozou geschriwwen. An hien hat och hei bei verschiddenen Dispositiounen seriö Bedenken an huet souguer och déi eng an déi aner Opposition-formellë gemaach. An der Commissioun hu mer och laang doriwwer diskutéiert, a vläicht wäert och nach herno deen een oder deen anere Kolleg dorobber agoen.

Ech wollt just ganz kuerz e puer Beispiller ginn. Mir hu laang diskutéiert iwwert d'Indépendance vun der ALIA. Mir hu laang diskutéiert iwwert d'Incompatibilitéit vum Poste vum Direkter mat engem Gemengemandat. Mir hu laang diskutéiert iwwert d'Strofen, déi d'ALIA soll kënne ginn. An de Statsrot huet sech och formell am Ufank opposéiert, well am initiale Projet war nämlech net kloer, op wéi enge Faiten déi Strofe baséieren, fir datt kënne Strofen da geholl ginn. Déi hu misse méi prezisiéiert ginn.

A fir alles nach genee nozekucken, wat de Statsrot soss nach gesot a geschriwwen huet a wat an der Commissioun nach diskutéiert ginn ass, géif ech lech bieden, dann och mäi schréffleche Rapport ze liesen.

Ech wëll dann zum Schluss nach eemol Merci soe fir déi Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass. A besonnesch Merci alle Membere vun dem CNP, vun der CIR an dem Service des médias, déi iwwer 20 Joer laang eng gutt Aarbecht gemaach hunn. An och wann dës dräi Instanzen elo hei wäerte fusionéieren, esou bleift awer dat, wat se gemaach hunn, net vergiess.

A wann dëse Projet elo géif hei gestëmmt ginn, da kéint d'ALIA spéitstens a sechs Méint mat dëser Aarbecht dann och weiderfuere. Mä egal wéi ass dëse Projet hei fir mech awer e gudder Beweis derfir, datt no engem gemeinsame Constat d'Regierung an d'Chamber kënnen effikass zesummeschaffen an eng strukturell Reform och ëmsetzen. Et huet zwar e wéineg elo hei gedauert, mä et ass awer ëmmer ee gutt Gefill, fir kënnen e konkret Resultat vun enger politescher Aarbecht ze hunn, well dat ass jo och genau dat, wat d'Leit dobauss vun eis erwaarden.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Éischte Riedner, deen agedroen ass, ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wëllt och direkt virewech dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden an ausféierleche Bericht. Här President, mir schwätze gäre vum Mediastandard Lëtzebuerg. Oft gëtt an deem Kontext jo och d'Wichtigkeet vun dëser Branche fir d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomie ervirgestrach. An ech mengen, och grad an turbulenten Zäite fir d'Haaptpillere vun eiser Ekonomie, dat heescht d'Banken an d'Finanzplaz, ass et wichtig, datt mer derfir suergen, datt och aner wichteg Standbeen, ebe wéi de Mediastandard, datt déi en attraktive Kader kréien an datt och déi infrastrukturell a legislativ Konditiounen ronderëm garantéiert sinn.

Wa mer dovunner schwätzen, wéi wichtig de Mediastandard fir Lëtzebuerg ass, da musse mer eis och e Kontrollorgan ginn, datt senger Aufgab esou nokomme kann, wéi ee sech dat erwaart, wéi dat och an anere Secteure jo eng Selbstverständlechkeet ass. Och grad doduerjer garantéiert een d'Intérêt vum eise Land. Déi wirtschaftlech Profitter, deen d'audiovisuell Mediendéngschter bidden, sinn an eisen Ae jidde-falls keng Ursach, fir do e rechtsfräie Raum oder eng ongenügend Kontroll ze loossen.

D'lescht Joer am Mee hate mer hei am Haus eng Debatt, eng Aktualitéitsstoun iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Reform vum Conseil national des Programmes. A queesch duerch d'Bänke ware mer eis eens, datt esou eng Reform dréngend noutwendeg war.

An d'Demokratesch Partei huet sech jo deemools och wéi vill anerer hei am Haus fir eng Reform ausgeschwat. Mir hu betount, wéi wichtig et wier, datt gutt funktionéierend Sanktiounen agefouert géife ginn, gradesou wéi mer awer och besonnesch op déi politesch Neutralitéit an Onofhängegkeet vun enger neier Struktur higewisen hunn oder dorobber gehalen hunn. An anere Wieder: Si mussen an hirer administrativer a rechtlecher Struktur onofhängeg éischters, vum Stat, mä awer och zweetens, vu wirtschaftleche Lobbye sinn.

Déi Leit, déi fir déi nei Regulatiounsstruktur rekrutéiert ginn, musse Spezialiste si vum Fach, well dee ganze Mediesecteur - wësse mer jo - ass och an enger konstanter permanenter Entwécklung, besonnesch wat déi technesch Entwécklung ugeet. An d'Régulateur musse jo net nëmmen d'Inhalter einfach ofkucken, ofschätzen, mä si mussen och kënnen de Respekt vu ganz elementäre Wäerter, wéi zum Beispill d'Wärd vum Mënsch kontrolléieren, d'Rechter vum Kand schützen, oder och nach d'Anhale vu Publizitéitsregelen iwwerwaachen.

Dat sinn eng Hällewull deelweis ganz verschidden a komplex Aufgaben. Duerfir ass et gutt, datt een dann och déi néideg personell Moyene kritt, an datt och déi Struktur muss onbedéngt opgestockt ginn. Ech mengen, déi aktuell Situatioun ass esou, fir lech dat emol virun Aen ze halen, de Moment kann d'CNP op zwou Sekretärinnen zrëckgräifen. Ganz laang war dat an der Vergaangenheet och nëmmen eng. Ech mengen, d'Zuelen, déi weisen dach awer, dass mer just a puncto Medieregulatioun an deene leschte Joren net wierkech op der Héicht vun der Zäit waren.

Dat wëllt net heeschen, datt do eng schlecht Aarbecht gemaach ginn ass, ganz am Géigendeel. Mä ech mengen, ouni eng personell an eng professionell Verbesserung an der Struktur, oder wann een net dat am Réck huet, ass et och net méiglech, déi Sanktiounsméiglechkeeten oder déi ganz Aufgaben do duerchzuféieren.

Dat Eenzegt, wat vläicht ze bedauern ass, dat ass, datt d'Regierung awer eng gewëssen Zäit gebraucht huet, fir dann aus dem CNP e richtig effikass Kontrollorgan mat reelle Sanktiounsméiglechkeeten ze maachen. Ëmmerhin hate mer schonns 2010 d'Direktiv «Services de médias audiovisuels» hei zu Lëtzebuerg transposéiert.

Och gi mat deem aktuellen Text vläicht net all Problemer aus der Welt geschaaft. Ech mengen, de CNP huet jo a sengem Avis och nach op eng Rei ongeklaert Froen oder Punkten higewisen, bon, déi net zur absoluter Zefriddenheet vläicht fir jiddweree konnte geléist ginn. D'Praxis einfach an deenen nächste Méint a Jore muss weisen, ob eventuell muss nogebessert ginn.

Mä ech mengen, trotz dësen Onkloerheete begreist d'DP awer ausdrécklech dëse Projet de loi. Et ass e wichtige Schrëtt a Richtung vun enger seriöer Regulatioun vun eise Mediastandard. An et mécht de Lëtzeburger Mediastandard méi kompetent an och méi performant. Dat gesot, verstitt Der, datt ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. A mir géife virufuere mat de Riedner. Den Här Fayot ass den nächsten agedroene Riedner. Den Här Fayot kritt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President... Ech muss emol kucken, ob et een Här oder eng Madame ass. Här President,...

► **M. le Président.** - Et ass nach ëmmer en Här bis elo, Här Fayot.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - ...ech wollt fir d'Éischt dem Rapporteur Serge Wilmes Merci soen. Hien huet ganz vill Aarbecht an der Kommissioun gemaach an en huet och e guttgeschriwwene schréffleche Rapport virgeluecht, an och natierlech mëndlech. Dat ass ganz kloer. Déi Leit, déi dat wëlle kucken, verstinn dat direkt.

Ech wollt awer vläicht am Ufank op d'Origine vun der Commission nationale des Programmes (veuillez lire: Conseil national des Programmes) hiweisen. Dee Conseil ass duerch d'Gesetz vun 1991 geschaaft ginn. An dat Gesetz huet jo deemools de Monopol am Radio vum RTL ofgeschaaft an et ass eng nei Radiolandschaft entstanden.

An der Gesellschaft deemools, Enn 80er, ufanks den 90er Joren, ass vun ennen erop de Wonsch entstanden, den Drang, fir en anere Radio ze maache wéi dee reng kommerziellen. An dofir hu mer dann am Gesetz vun 1991 déi Radiolandschaft esou gezechent, wéi mer se gréisstendeels haut och nach kennen, mat RTL engersäits, an 100,7 anersäits. Zweek national Radioen, dräi Réseauradioen, also mat nationaler Portée, awer zesummegeknäppte Frequenzen. An och lokal Radioen. Bei der Televisioun ass dat natierlech vill méi schwéier, well och d'technesch Viraussetzungen do anescht sinn. Do hu mer am Fong geholl nach eng Aart Monopol, während mer deen 1991 fir de Radio jo ofgeschaaft hunn.

Mir hunn dorobberhin och an deem Kader Institutiounen geschaaft. Dräi Institutiounen: d'Commission indépendante de la Radiodiffusion, de Conseil national des Programmes an och de Service des médias am Ministère vun der Kommunikatioun, déi dann dee Secteur vum Radio sollten iwwerwaachen an och kucken, dass dat, wat mer do wollte maachen, nämlech Medienvielfalt, Pluralismus, Respekt vun deene wesentleche Wäerter, och agehale gëtt.

Iwwregens dozou e Wuert: Am Artikel 6 vum Gesetz vun 1991, do waren eng ganz Partie Wäerter dran, déi een eigentlech an de Medie soll verfolge, der Politik zu Lëtzebuerg no. Deen ass am Gesetz vun 2010 verschwonnen. Dat ass e Gesetz, wat eng europäesch Direktiv iwwert d'Services des médias audiovisuels ëmgesat huet.

Et ass vun der CNP, vun hirem President bedauert ginn een Ablack, dass mer deen Artikel 6 net méi erëmgehall hunn. Ech mengen, et ass awer ze verstoen, well an deenen europäeschen Texter, déi mer ëmgesat hunn, do stinn eng ganz Partie vun deene Wäerter dran, déi mer wëlle verdeedegen an de Medien. An ech weess och, dass d'Europaparlament, wann et iwwert déi Direktive schwätzt, ganz staark op déi Prinzipien a Wäerter hält, déi mer ebe wëllen: Fräiheet, Pluralismus, Respekt vun deem aneren, géint d'Incitation à la haine an esou weider. All déi Saachen, déi mer wëllen an de Medie respektéieren.

Natierlech kann een an de Medien net bei 1991 stoebleiwen. Säit 1991 gouf et eng rasant technesch Entwécklung. Et gëtt natierlech nach ëmmer déi klassesch Radiostatiounen an Televisiounsstatiounen, mä et gëtt haut de Begrëff

vun Techniques de l'information et de la communication, wou eben d'Medien an elektronesch Medien zesummelafen. Haut gëtt et zwar nach ëmmer d'Printmedien, mä déi Printmedie ginn ëmmer méi elektronesch. An et gëtt och iwwer Internet vill Televisioun a Radio gekuckt respektiv gelauscht. Esou dass dat also ëmmer méi zesummekënn.

Dann ass nach natierlech en Aspekt, dee wichtig ass, d'Technique de l'information et de la communication. D'Medie ginn ëmmer méi vu grouse Gruppe besat. An déi Gruppen, déi halen op gréisstméiglech Fräiheet. Ech erënnere mech ganz gutt aus där Zäit, wéi ech am Europaparlament war, wéi déi grouss Mediegruppe beim Europaparlament Lobbyismus gemaach hunn, fir ebe gréisstméiglech Fräiheet ze kréien.

Mir hunn dofir jo och dann e Réseau vu Régulateuren opgestallt. A bei deene Régulateure war Lëtzebuerg ëmmer dee klengen Aarmséilegen, deen net effikass genuch war. An dofir hu mer dat Gesetz hei gemaach, fir eben dee Lëtzeburger Régulateur esou staark ze maache wéi déi auslännesch Régulateuren an och den europäeschen, fir dass dat Netz och europawäit seriö funktionéiert.

Just nach ee Punkt, Här President. Den Här Tom Krieps, de President vum Conseil national des Programmes, huet och a senger Bemerkungen zu dem Projet säi Bedauern ausgedréckt, dass mer keng richtig Medienerzéiung hunn, dass d'Medienerzéiung méi staark soll ervirkommen, dass mer net keng Medienanstalt zu Lëtzebuerg hunn, déi dat kéint maachen.

Ech wollt soen, dass mer ons an der Commission de l'Éducation nationale mat der Commission de l'Enseignement supérieur intensiv besonnesch mat der Erzéiung op dem Gebitt vun dem Internet a vun den elektronesch Méiglechkeete bekëmmert hunn. An ech mengen, mir missten et fäerdegbréngen, eng Kéier déi zwou Saachen, d'Medienerzéiung an och déi Erzéiung vun allem, wat mat Cyber zesummenhängt, zesummenzekeréien, fir dat also och transversal, besonnesch bei der Protektioun vun de Mineuren, d'Erzéiung vun de Kanner an der Primärschoul wéi och an dem Secondaire besser ze maachen.

Dat gesot, Här President, begrëssen ech dëst Gesetz. Et ass interessant a wichtig, fir dass mer ons Kontroll iwwert d'Medien an d'Förderung vun de Medien hei zu Lëtzebuerg entwéckelen. An dat ass och gutt fir de Mediesecteur zu Lëtzebuerg. Dofir si mir natierlech mat dësem Gesetz d'accord.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen.

(*Interruption*)

Ah, ech hunn den Här Gira hei stoen. Ass et den Här Adam, dee schwätzt?

(*Interruption*)

Dann ass et den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll vir ufänken an och dem Rapporteur, dem honorabelen Här Wilmes, Merci soen, éischters fir seng vill a gutt Aarbecht an der Commissioun a fir säi Rapport, an och fir säi mëndleche Rapport hei an der Chamber. Et ass och vun him erwähnt ginn, datt mer effektiv virun engem gudden Joer hei eng Diskussioun haten, eng Heure d'actualité. En hat net gesot, datt se vun deene Gréngen ugefrot war, mä duerfir sinn ech jo dann elo nach do, fir dorun ze erënnere.

Mir haten effektiv heiriwwer diskutéiert. Et ass dervun ausgegangen, datt de Conseil national des Programmes, deen et zënter 1991 zu Lëtzebuerg gëtt, misst reforméiert ginn. Mer waren eis am Fong geholl alleguerten eens. Zënter 1991 huet sech ganz vill an der Mediellandschaft geännert. Beim CNP a bei de Moyene vum CNP hat sech ganz wéineg geännert. An du ware mer eis och praktesch alleguerten eens, an de Minister war mat d'accord, datt mer e misste reforméieren.

Ech hat zum Schluss do vu menger Intervention gefrot: Wat maache mer dann elo? Wéi séier wëlle mer virgoen? A wëlle mer dann och dem CNP déi Moyene ginn, déi e brauch, fir kënnen op der internationaler Bühn seriö geholl ze ginn, datt en zum Beispill d'Méiglechkeet och kritt fir Sanktiounen ze huelen an datt e professionell a genuch Mat-aarbechter kritt?





Ben, mir hunn haut dann de Projet virleien. Et ass alles an allem e positivt Gesetz. Mir kréien eng Zentralisatioun vun den Aufgaben, déi fréier den CIR, d'Commission indépendante de la Radiodiffusion hat, de CNP, de Conseil national des Programmes, an och verschidden Aufgabe vum Minister, deen d'Medien a senger Kompetenz huet. En Deel vun deenen Aufgaben, déi de Minister hat, bleiwen an der Kompetenz vum Minister. Dat huet de Conseil national des Programmes kritiséiert. Zum Beispill déi linéaire audiovisuel Medien, déi bleiwen an der Kompetenz... D'Konzessioun bleiwen an der Kompetenz vum Ministère.

Ech hat selwer nach d'Chance elo zënter Kuerzem d'Aarbecht vum Conseil national des Programmes vu banne kennenzeléieren. Ech hunn déi Gréng Partei zënter e puer Méint an deem Gremium vertrueden. Eng interessant Zäit. Déi geet dann eben elo zu Enn. Ech hu jo nach e bësse Sputt, bis datt déi nei Autoritéit dann a Fonctioun ass.

Déi nei Autoritéit ass anescht opgestallt. Méi professionell, wéi gesot. Si kritt d'Méiglechkeet vu Sanktiounen. Dat hu mer alleguerde gefrot, begréisst. Dat ass dann och elo de Fall. Déi nei Struktur, déi dann en Établissement public ass, huet e Conseil d'administration, en Direkter an eng Assemblée consultative. D'Zesummespill vun deenen dräi Organer wäert matentscheeden, wéi gutt déi nei Autoritéit an Zukunft wäert schaffen.

D'politesch Vertrieeder wäerten net méi an der Assemblée consultative derbäi sinn. Dat ass eng Décisioun, déi, mengen ech, vun alle Parteie gedroe gëtt. Ech perséinlech bedauern et e bëssen, datt mer ëmmer erëm maachen, wéi wann d'Vertrieeder vun de politesche Parteien e bësslechen à part misste gehale ginn, wéi wa se därmoosse geféierlech wieren.

Ech mengen, datt den Afloss hannert de Kulisse vill méi en delikaten ass, wéi wa mer effektiv Leit mat hirer Parteikaart oder mat hirer politescher Verantwortung, déi se nun emol hunn, an e Gremium setzen. An da si se kloer identifizierbar. Och d'Politik ass en Deel vum öffentliche Liewen. Mä gutt, dat ass eng Décisioun, déi getraff ginn ass, och mam Accord vun deene Gréngen.

De Conseil national des Programmes war der Meinung, datt mindestens fënnf Leit Personal misste bei där neier Instanz, bei der ALIA schaffen. Ben, et huet een ni genuch Personal. Ech mengen, haaptsächlech ass awer, datt déi Leit mediekompetent sinn.

An ech wëll da just zum Schluss nach eng kéier e bëssleche bedauern, och eng Klo oder eng Suerg, déi den Här Fayot ugeschwat huet, an déi och de Conseil national des Programmes zum Ausdrock bruecht huet: Mir stelle fest, datt et ganz vill Beméiunge gi sinn am Beräich vun der Éducation aux médias, souwuel am Éducationministère wéi och am Familljeminstère. Et sinn der och eng Rei opgezielt ginn am Rapport.

Hei hätt ee kënnen higoen an déi ALIA och zu enger Instanz vun der nationaler Koordinatioun am Beräich vun der Education aux médias ze maachen. Dat ass bis elo nach net geschitt. Dat ass net e klengen Optrag un d'ALIA. Mä wahrscheinlech wier dat trotzdeem sënnvoll an nützlich, wa mer an Zukunft esou eng national Koordinatioun vun deene ville positive Beméiunge géife kréien. Dat géif der Saach bestëmmt dengen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech bréngen den Accord vun der Grénger Fraktioun fir dese Projet de loi.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. An als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, och e grouse Merci un den Här Wilmes fir säi ganz interessante Rapport, dee mer mat Freed gekuckt hunn.

Ech wollt awer gläich soen, de Modèle de base fir esou e wichtegen Thema, wéi deen heiten, geet eigentlech net duer. Well et geet ëm e ganz sensibelen Thema. Et geet ëm de Contenu des médias. An Dir erënnert lech vläicht, datt mer eréischt viru Kuerzem hei eng ganz schlecht Experienz hate mat der Madame Hetto hirem Gesetz iwwert den Accès aux biens et services fir Fraen a Männer, wou d'Mediefreiheet ageschränkt gouf. Wat och zu Protester - berechtigte Protester - vum Conseil de Presse gefouert huet.

Dowéinst ass och dat hei eng Matière, wou mir bedauern, datt de Conseil de Presse an d'Jour-

nalistenassociatioun bis elo keen Avis ofginn hunn. Ob se gefrot goufen, weess ech net. Mä et wier op jidde Fall nützlich, dat hei Gesetz nach eng kéier ze kucken ënnert deem dote besonnenen Aspekt. Och hu mer kee Projet de règlement grand-ducal gesi bis elo iwwert d'Kompositioun vun der Assemblée consultative.

De Prinzip vun de Sanktiounen ass wahrscheinlech dee sensibelsten. Ech erënnere just un déi Diskussiounen, déi mer an Ungarn haten elo viru Kuerzem, wéinst eben deem Prinzip vun de Sanktionsméiglechkeete géint d'Medien. Wat och nach eng kéier beweist, wéi sensibel déi Matière ass. Mir mussen awer soen, mir brauchen Sanktiounen. Dofir hu mer näischt géint de Prinzip dovunner. Awer mir contestéiere souwuel d'Héicht vun de Sanktiounen wéi och déi prozedural Manéier, wéi dat soll gemaach ginn.

D'Héicht vun de Sanktiounen, 25.000 Euro, ka fir eng kleng Radiostatioun, kleng Medien, absolut déidlech sinn, wann esou eppes dekretéiert gëtt, zemoos well déi Recoursméiglechkeet, déi virgesinn ass, géint eng Décisioun vun der ALIA kee suspensive Charakter huet. Wann een allerdéngs néng Méint, wéi esou eng Prozedur gewéinlech dauert, muss Personal bezuelen, da kann een dat do net iwwerliewen. Praktesch ass eng finanziell Sanktioun vu 25.000 Euro eng Verurteilung vun enger klenger Radiostatioun.

Dann d'Prozedur: Mir hätte léiwer e Geriicht wéi eng Regierungsdécisioun. Eben och aus der Erfahrung aus dem Ausland eras denke mir, datt esou e Verbuet oder en Entzuch vun enger Lizenz nëmme ka vun engem Geriicht decidéiert ginn, an net vun der Regierung. Et hätt iwwerregens och dësem Gesetz guttgedoen, wann déi Recoursméiglechkeete géint eng Regierungsdécisioun nach eemol prezisiéiert gi wäeren. Och wa se am Droit commun virgesi sinn. Mä dat hätt och nach kënnen eng kéier gesot ginn.

Kuerz gesot: Mir denken, datt dëst Gesetz net onschëlleg ass, datt et Gefore fir d'Meenungsfräiheet hei am Land mat sech bréngt, datt et rechtsstaatlech bedenklech ass an datt eben - theoretesch op d'mannst; a wat theoretesch méiglech ass, ka sech heiansdo och konkretiséieren - d'Méiglechkeete vun enger staatlecher Zensur heiderdurch bestinn. An dofir wäert d'ADR dëst Gesetz net matdroen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Soss hunn ech kee Riedner méi, deen agedroen ass. Da kritt elo den zoustännegen Kommunikationsminister Luc Frieden d'Wuert.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Communications et des Médias.**- Jo, Här President. Ech géif och gären am Numm vun der Regierung dem Här Wilmes als Rapporteur Merci soen, an och deenen anere Kolleegen.

Dat hei ass jo e Projet de loi, deen ech, wann ech dat esou dierf soen, en cours de route matkritt hunn, well mä Virgänger als Medieminister, den Här Minister Biltgen, dee Projet hei déposéiert huet. Ech mengen, et ass e Projet, deen hei in extenso exposéiert ginn ass, an deen dee ganze System vun der Surveillance vun dem Mediesecteur moderniséiert, an deen och versicht déi Kredibilitéit dem Régulateur ze stäerken.

An an deem Sënn, mengen ech, ginn hei déi Observatiounen, déi gemaach gi sinn, vu mir gedeelt. An duerfir ass dat e Projet, mengen ech, deen an déi richteg Richtung geet an dee säi Wee muss elo weisen, dat mat Liewen erfüllen, wat an deem Projet de loi do steet. Déi Fusioun vun deenen Organer muss elo mat uerdentleche Leit besat ginn, déi dat dote kënnen gutt regelen.

An an deem Sënn kann ech nëmmen zefridde sinn, datt hei, vun där leschter Interventiuon ofgesinn, och eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet kéint.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem zoustännegen Minister.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6487 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass ugeholl mat 57 Jo- géint 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes,

Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Question élargie N°34 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert den Austausch vu fiskalen Informatiounen tëscht Lëtzebuerg an de Vereenegte Staten. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten Zäit zou fir seng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Question élargie n°34 de M. Jacques-Yves Henckes sur l'échange d'informations fiscales entre le Luxembourg et les États-Unis

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).**- Merci, Här President. Ech mengen, de FATCA, wéi en an techneschen Termen oft genannt gëtt, den „Foreign Account Tax Compliance Act“ mat Amerika, deen huet ganz vill Konsequenzen uechter d'Welt an och fir Lëtzebuerg. Do, no deem Accord, wäerten d'Banken an och aner Finanzinstituter missen d'Identitéit vun de Leit, déi e Kont hunn an déi eng amerikanesch Nationalitéit hunn, direkt mat ophuelen, an da mussen d'Lëtzebuergesch Banke beispillsweis dem amerikanesche Fiskus déi Nimm matdeelen.

Desgläiche mussen op sämtlechen Dépôts an Transferte vu Sue vun deene Konten, wou en Amerikaner beträff ass, 30% zrëckbehalen ginn, deen Ablack wou et iwwer 50.000 Euro sinn.

Bref, et ass also eng ganz wichteg Décisioun, déi hei gemaach gëtt. An duerfir wollt ech froen, datt och an deem ganze Kontext e puer Saachen awer mussen diskutéiert ginn. D'autant plus, datt et jo net nure Répercussione kann hunn um Niveau vun den Amerikaner, mat de Relatiounen mam amerikanesche Stat, mä datt et och Répercussione kann hunn um Niveau vun Europa, well mer op Basis vun der Clause de la nation la plus favorisée och missten deen Ablack ähnlech Dispositiounen virhuelen an Europa vis-à-vis vun den aneren europäesche Länner.

Här Minister, Dir hutt viru Kuerzem Bescheid gesot gehat, datt anscheinend an dësem drëtten Trimester vun dësem Joer sollt en Accord mat Amerika ënnerschrifwe ginn op Basis vum Modell 2, dat heescht vun deem Modell, wou Lëtzebuerg an Amerika zesumme kéinte schaffen, well se en Duebelbesteuerungsfofkommes hunn.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Dat ass wouer.

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).**- Duerfir wollt ech e puer Froen stellen an deem ganze Kontext.

Éischstens: Wou si mer mat de Prozeduren drun, wat de FATCA selwer ugeet?

Zweetens: Sidd Dir der Meinung, datt deen Accord mat Amerika misst den Objet gi vun engem Gesetzesprojet?

Drëtzens: D'Europäesch Kommissioun huet eng Plattform bekannt gemaach, déi heescht „La bonne gouvernance dans le domaine fiscal“ a wou et drëms geet, fir dann ähnlech Dispositiounen an Europa duerchzesetzen, wéi dat mat dem amerikanesche FATCA soll goen - anscheinend, nodeems, wat ee kuerz an der Press konnt héieren. An duerfir wollt ech froen, ob Dir der Meinung sidd, ob déi Plattform, déi d'Europäesch Kommissioun do virhuet, konform ass zum Artikel 19 vun der Clause de la nation la plus favorisée an der Direktiv iwwert d'Kooperatioun a Steierfroen.

Wann deen Artikel 19 sollt applizéiert ginn, wéini mengt Der, datt esou eppes kéint erfollegen? Ass dat fir 2014? Ass dat fir 2015? Do schéngt mer also och nach eng kleng Onkloerheet ze sinn.

Desgläichen huet een awer och gemierkt, wat de FATCA ugeet, datt e puer Diskussiounen nach sinn, wat net nuren d'Banken - do schéngt et kloer ze sinn -, mä wat d'Investmentfongen, wat d'Finanzinstituter, wéi dat am Amerikanesche genannt gëtt „foreign financial institutions“, wat déi betrëfft. Mussen déi nämlech... D'Fro, déi sech stellt, ass, ob déi och mussen hir Aktionäre bekannt maachen, e ganzen administrativen Opwand hunn, oder ob dat net iwwert d'Banke selwer ka gemaach ginn. Do wollt ech also och froen, ob mer do an den Négociatiounen méi wäit komm sinn.

A wat fir eng Répercussione kann dat soss insgesamt fir d'Finanzplatz Lëtzebuerg hunn? Well ganz vill administrativ a steierlech Saachen hei net nuren op d'Banken zoukommen, mä och op d'Investmentfongen. An et muss ee kucken, wann ee wëllt international gutt schaffen, datt net allegueren ons Lëtzebuergesch SICAVen, ons Investmentfongen, datt déi mussen zeg Personal engagéieren an domadder ganz vill Fraisen hunn a manner kompetitiv sinn, einfach well mer hei e puer technesch Kontrolle mussen duerchféieren, déi en fait och ganz gutt kéinten duerch d'Lëtzebuergesch Banke gemaach ginn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. D'Wuert kritt elo de Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, déi Froen vum honorablen Här Henckes si wichteg an deem Sënn, datt effektiv déi Négociatiounen mat Amerika iwwert d'Zesummenaarbecht tëschent Steierverwaltungen eng grouss Répercussione hunn, net nëmmen op Lëtzebuerg, mä op Europa en général. An ech géif soen, souguer iwwerhaapt op d'Kooperatioun tëschent Steierverwaltungen a ganz ville Beräicher, déi iwwert dat Amerikanesch erausginn.

Ech erënnere un d'Erklärung vum Statsminister zur Lag vun der Natioun am Abrëll hei an der Chamber, wou mer gesot hunn, datt notament wéinst den Diskussiounen mat Amerika a wéinst deem Gesetz, wat d'FATCA ass - dat ass een amerikanescht Gesetz -, datt doduerch och Ännerungen an Europa an och zu Lëtzebuerg an dem Uwendungsberäich vum Berufsgeheimnis vun de Banke kommen.

Ech kann d'Chamber haut hei informéieren, datt mir gewollt a bewosst mat Amerika négociéiert hunn. Mir hätte kënnen zu den Amerikaner soen: Mir maache keen Accord mat iech. Dann hätt déi amerikanesch Gesetzgebung sech eesäitig op Lëtzebuerg awer ugewannt. Dat wär schlecht gewiescht fir d'Lëtzebuergesch Finanzplatz.

Duerfir si mer, wéi déi aner Länner och, a Verhandlungen mat Amerika getrueden. Déi Verhandlungen, déi si gutt virukomm. Mir haten eng dräi, véier Réunione mat den Amerikaner. An ech kann hei d'Chamber informéieren, datt mer quasi um Schluss vun deene Verhandlungen ukomm sinn an datt den Text wäert um Niveau vun der Verhandlungsequipe, dat heescht, um Niveau vun den héije Fonctionnaires kënnen paraphéiert ginn nach am Laf vum Mount Juli, soudatt dann, wann d'Prozeduren, notament och d'Iwwersetzung, fäerdeg sinn, wäert kënnen am September, Oktober ënnerschrifwe ginn.

Dësen Text verlaangt, datt mer och hei an der Chamber e Gesetzesprojet déposéieren. Ech mengen net, datt dat ee Gesetzesprojet wär an der klassischer Form vun der Approbatioun vun engem Traité, well fir d'Amerikaner ass et keen Traité. D'Amerikaner soen: „Mir hunn e Gesetz. An dat do sinn Ausféierungsbestëmmungen vun eisem Gesetz.“

Fir mech ass et awer kloer, datt mir op Lëtzebuerg Sait e Gesetz musse maachen. A meng Iddi fir de Moment ass dat anzebauen an dat Gesetz, wat mer souwisou wollt maachen iwwert d'Kooperatioun tëschent de Steierverwaltungen am Kontext vun der Reform vun dem Bankgeheimnis oder dem Berufsgeheimnis vum Banquier. Mä op jidde Fall, déi Dispositioun, déi mir mat den Amerikaner verhandelen, hätt ech gären, och aus demokratesche Grënn, datt déi vum Lëtzebuergesch Parlament vum Prinzip hier, vläicht net mat allen techneschen Annexen, mä vum Prinzip hier vun der Chamber ofgeseent gëtt.

Dann huet den Här Henckes gefrot: „Wéi ass dat mat der Klausel iwwert d'Clause de la nation la plus favorisée, déi an enger europäescher Direktiv steet?“ Déi also seet, datt, wann een engem Drëtten eppes gëtt, da kann och en Europäer froen, datt déi och an Europa spillt.